



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

La Ministre

Luxembourg, le 9 avril 2019

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Service central de législation
43, bld Roosevelt
L-2450 Luxembourg

Concerne : Question parlementaire n°488 de l'honorable Député Jeff Engelen concernant les incendies liés à des voitures électriques

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse à la question parlementaire sous rubrique. La version électronique a été transmise à vos services par voie de courriel.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Pour la Ministre de l'Intérieur

Laurent Knauf
Premier conseiller de gouvernement

Äntwert vun der Madame Inneministesch, Taina BOFFERDING op d'parlamentaresch Fro n° 488 vum honorabelen Deputéierte Jeff ENGELEN

Den honorabelen Deputéierte freet a senger parlamentarescher Fro Präzisiounen zum Läsche vu brennenden Elektroautoen.

Zu de Froen 1 an 2

Den Corps grand-ducal d'incendie et de secours (CGDIS) ass gutt ausgebilt an equipéiert fir enner normalen Ëmstänn e Brand vun engem Elektroauto ze läschen.

All Asazenter vum CGDIS verfügt op d'mannst iwwer ee Läschcamion mat engem agebaute Waassertank, dee jee no Modell eng Kapazitéit vun 800 bis 8.000 Liter Waasser huet. Des Weidère besëtzt de CGDIS uechter d'Land e puer Zëttären, déi eng Kapazitéit vu jeweils iwwer 10.000 Liter Waasser hunn. D'Eenheete vum CGDIS hunn d'Méiglechkeet, innerhalb vu Wunnegebieder op dat ëffentlecht Waassernetz zouzegräifen. Wa keen Hydrant disponibel ass, schéckt d'Asazentral 112 weider Läschween op d'Asazplaz, déi nom Prinzip vun der Navett, Waasser op d'Asazplaz bréngen. Dës gängeg Method gëtt souwuel bei Autosbränn, wéi och bei anere Bränn ugewannt. D'Alarméierungsprozedur gesäit zum Beispill vir, datt den 112 bei engem gréissere Feier op der Autobunn, direkt 4 Ween mat enger gesamter Kapazitéit vun iwwer 10.000 Liter Waasser alarméiert.

Weider wëll een präzisieren dat, dat taktesch Virgoe bei Accidenter a Bränn mat Gefierer mat modernem Undriff (also och Elektroautoen) schonn zënter Joren e Bestanddeel vun der Ausbildung vun all Pompjee ass. Esou bitt de CGDIS och eng speziell Formatioun fir Asätz an ënnerirdesche Verkéiersanlagen un. Déi do geléiert Taktik eegent sech aus deem Grond fir e Brand vun engem Elektroauto an engem Parking oder Tunnel ze läschen. Déi grouss Autobunnstunnellen hunn allegueren een eegent Waassernetz, sou datt och do genuch Waasserreserve sinn. Wann de Brand enner Kontroll ass, soll d'Gefier aus dem Parking oder Tunnel evakuéiert gi fir baussen op enger sécherer Plaz ofzkillen.

Fir sech op weider Entwécklungen (nei Batterien, Elektrocamionen, etc.) optimal virzebereeden, ass de CGDIS regelméisseg am Austausch mat auslännesche Pompjeeën an Experten.

Zu der Fro 3

Waasser ass an deene meeschte Fäll, och beim Brand vun engem Elektroauto, dat bescht Läschmëttel. Fir speziell brennbar Materialien (Flëssegkeeten, Metaller, etc.) benotzt de CGDIS haut schonn nieft den übleche Läschmëttel ewéi Schaum, CO₂, oder Läschpulver, speziell Läschverfahren (Drocklöfftschaum, Schneidläschgeräter, etc.), ouni datt en Asazgefier dofir extra equipéiert misst ginn.

Zu der Fro 4

An der Prescriptioun ITM-SST 1506.3 vun der Inspection du travail et des mines, déi fir all zouene Parking iwwer 20 Parkplaze gültig ass, behandelt ee Kapitel d'Sécherheitsmoosname fir Parkingen, déi accessibel fir Elektroautoe sinn, souwéi déi do installéiert Rechargestatiounen.

Automatesch Läschanlagen a Parkingen (Sprinkleranlagen) kënnen duerch e méi héije Waasserdébit un déi zousätzlech Brandlaascht vun engem Elektroauto adaptéiert ginn. D'Fraise variéiere jee no Gréisst an Typ vun der Anlag a si vum Bedreiwler vum Parking ze droen.

An Tunnelle si keng automatesch Läschanlage verbaut, mee Feierläscher a Wandhydrante sinn disponibel, déi och fir d'Läsche vun engem Elektroauto agesat kënnen ginn.